N°2112
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 2112 vum 19. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Barrière zu Luerenzweiler.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer d'Barrière 20a südlech, souwéi 20b nërdlech vun der Gare vu Luerenzweiler an d'Auswäichméiglechkeete fir de motoriséierte Verkéier wann dës zou sinn.

D'Barriär 20a zu Hielem an der « rue de l'Alzette » déi automatesch vun den Zich an, an ausgeschalt gëtt, war am Mäerz 2025 7x gestéiert. Wärend de Reparaturaarbechten ass ee „gardiennage sur place" vun der Barriär gemaach ginn, d.h. wa keng Zich gefuer sinn, war d'Barriär op. Zu verschiddene Momenter vun deenen Aarbechten huet d'Barriär méi laang missen zou bleiwen. An engem Noutfall wär et awer méiglech gewiescht, d'Barriär op ze maachen.

Am Fall wou d'Barriär 20a länger Zäit zou ass, kommen d'Rettungsdéngschter iwwert déi nei Verbindungsstrooss tëschent Luerenzweiler an Hënsdref an iwwert ee Vëloswee, deen an engem gudden Zoustand ass, op Hielem.

Déi nei Verbindungsstrooss tëschent Luerenzweiler an Hënsdref ass zanter dem 9. Mäerz 2023 fir den Trafic op an d'Barriär 20b zu Luerenzweiler ass fir den Autostrafic zou gemaach ginn (Foussgänger konnten nach iwwert d'Barriär goen). Zanter dem 5. November 2023 ass d'Barriär 20b zu Luerenzweiler komplett zou.

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2025

Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES